



## Praxis geet iwwer Theorie!

Dir kënnt esou zimlech jidderee froen, wat fir hien dat Wichtigst war, fir an eng Sprooch eranzekommen: d'Praxis, de Gebrauch, d'Liesen, d'Lauschten an d'Nobabbelen. **Denkt emol drun, wéi d'Kanner – egal a watfir engem Sproochraum – hir éischt Sprooch léieren.** Si kommen an d'Schoul a schwätzen 'hir' Sprooch am Normalfall ewell ganz éierbar... mä si haten ni mat enger Grammaire, mat Syntax, Morphologie asw. ze din, hunn ni 'Vokabele' geléiert; si hu gelauschert an 'nogemaach'; d'éischt eenzel Wieder an no an no kleng an ëmmer méi grouss Sätz. Aus „ech hu vill gegies“ ass och z.B. „giess“ ginn, ouni Verbtabelle fir de „Pas-sé“. Intressant ass et, wéi si sech ëmmer méi ‚verbesse- ren‘; déi eng méi séier, anerer e bësse méi hannendran, wat net onbedéngt mat Intelligenz muss ze din hunn, éischter mat ‚Ëmstänn‘. **Déi eng schwätzen da méi fréi an déi aner méi spéit;** dat ass eng Fro vun ‚Organisatioun am ‚Täti‘, an et huet nach laang net ëmmer mat Gescheitheet ze din, deer et iwregens méi wéi nëmmen eng Zort gëtt, z.B. ‚deduktiv‘ oder ‚induktiv‘ Manéier; aus der Grammaire eraus oder an d'Grammaire eran; mir wëssen dach och, datt et der gëtt, déi gär schwätzen an deer, déi de Mond vun sech aus net opkréien; alt erëm keng Fro vu méi oder manner intelligent, ower souzese vu ‚Charakter‘...mä elo gëtt et schonn erëm zevill ‚didaktesch-psychologesch-pädagogesch-theoretisch, gelldir.

vum Lex Roth



**Et muss ee kee Wëssenschaftler, Didaktiker, Pädagog sinn,** fir dës Zesummenhäng ze verstoen; gesonde Mënscheverstand geet duer. Et bréngt och rosewéineg, mat linguistesche ‚Fachausdréck‘ dorëmmer ze geheien, fir d'Saach méi intressant ze maachen. An de classeschen, sougenannt grouse Sproochen/Idiomen ass et dann **un der Schoul, fir de Kanner hirt Gebabbels ‚riichtzebéien‘, méi ‚gescheit‘ gesot, ze ‚norméieren‘.** Do gëtt et da ‚Methoden‘; mä si passen dacks net op deen, dee se gebraucht, oder net op déi, fir déi se gehol ginn. Mir kennen der jo alleguer, déi hirt Schoulfach gutt ‚drop‘ hunn, gelungenerweis ower dacks zevill gutt, fir enger Klass et kënnen ‚eriwwezebréngen‘; leider sinn si nun emol net fir de Beruff ‚Enseignant‘ gemaach...a leiden dacks bis bei d'Pensioun dorun.

Déi Iwwerleeunge gëllen also och fir d'Lëtzebuergesch an der Schoul. Mä och hei gëtt et Mëttelen a Fassongen, fir sech an eis Sprooch eranzeschaffen... **z.B. d'Liese vun zerguttster Literatur!** Wien sech an d'Schreiwerei vum Vic Neuens, dem Batty Weber seng Theatertexter, dem Marcel Reuland seng Prosa, dem Tit Schroeder seng Stécker, dem Pir Kremer, dem Josy Braun, dem Pol Pütz, dem Lex Jacoby, dem Pol Greisch, dem Jhemp Hoscheidt asw.... oder vläicht och dem ‚Jéwi‘ hir Sprooch eraliest, fir deen ass ‚d'Grammaire‘ vun eiser Sprooch ganz séier kee ‚Kellerlach‘ méi! **Firwat net emol an engem Eckelchen ‚haard‘ vru sech hi liesen;** de Verhalt geet dach och iwwer d'Gehéier, dat sech (fir jidfer Sprooch!) mam Androck vun den Aen an den Oueren zesummendeet. Praxis!

**Déi Iwwerleeungen hei sinn op kee Fall géint stramm Wëssenschaft‘** ze verstoen. Si weisen just op dat ‚Zevill‘ a ‚Pedantescht‘, Theoretischt beim Léiere vun eise klengen Idiom. Si stellen dat Praktescht virun d'Theorie; ob dat an deer normaler Schoul oder an engem Cours fir Erwuessener ass.

## Muss dat sinn?

Et ass natierlech e flott Zeeche fir eis Aarbecht fir d'Lëtzebuergesch (d'Actioun-Lëtzebergesch ass am 51. Joer!), datt den Telephon sou dacks geet, oder den Internet ‚flip-pert‘, wa Leit **äifreg Reklamatiounen iwwer d'Sprooch an de Medien** oder bei Reklamme wëlle lassginn. Leider sinn déi allermeescht vun hinnen net esou kéng (oder si mengen, net ‚ëmstand‘) fir d' Schreif an d'Hand ze huelen. Mä ëmmer MIR als Kregéiler, dat verléiert op d'längst nun emol seng Wierkung; et hënnert äis ower net drun, ewell 30 Joer hei an der KLACK ze knouteren.

Firwat heescht et dann an der T- Post op eemol: Mir kënnen lech net ‚duerchstel-len‘ (merci Madame Delleré), aplaz ‚verbannen, weiderginn‘? Wéisou soll d'Zäit ‚räif‘ si fir Ännerungen ze ‚ännerhuelen‘? Gëtt dann elo eng Persoun vum Zuch ‚erfaast‘, oder kritt den Zuch si ze paken? Muss de Stroosseverkéier vun Accidenter ‚geprägt‘ ginn? Firwat solle mir e Gediechtnes aplaz e Verhalt hunn? Bei äis gëtt et och kee ‚groussen Undrang‘ a keng Stroossenarbecht gëtt ‚fäerdegestallt‘, grad wéi keen Dossier ‚a Verzuch geréit‘... Näischt géint d'Däitsch, ower **d'Lëtzebuergesch ass grad ewéi d'Nidderlännescht, dat Dänesch oder soss Skandinescht nun emol net d'Sprooch vum ‚Spiegel‘** oder der ‚Bunte‘; och net vun de villen däitschsproochen Televisiounen! Loosst déi beim ‚Fernseh/en‘

## Iwwer eise Comité...

Wéi all Joer guff och elo rëm fir **eise Comité an der Generalversammlung** ge-wielt. De President, de Sekretär, de Caisse-Mann an de Vize-President bleiwe bis déi nächst Sëtzung – och hoffentlech duerno – an hire Fonctiounen. E bessere Kap-phär wéi eise Claude Bache kënnte mir net hunn; den AL-Sekretär Patrick Kaell ass e ‚Goldstéck‘; de Caissier Tom Weidig ass en exakt-stramme Kolleg; d'Mariette Atten hëlleft op all Manéier; dem Vic Weber ass keng Aarbecht zevill; de Patrick Ehleringer kuckt äis gär a gutt op d'Fanger; de Jender Stammet, de François Zeien, d'Suzette Schmit an d'Clara Moraru sinn nach laang net nëmme ‚Bäis- sëtzer‘... an eis **sëlleche Membre kënnen sech op äis an eis Aarbecht verloo- sen!**

Nach eppes: Denkt emol eng Minutt driwwer no, **wat virun eiser Actioun-Lët- zebuergesch fir eis Sprooch (1971) do war/gemaach guff:** bis op d'Dictionnaire- Commissioun: zesoen näischt!

**An elo?** Mir hunn de Conseil fir d'Lëtzebuergesch (CPLL); 2 däitlech Sprooch- gesetzer; e Regierungscommissaire fir eis Sprooch; den Zenter fir d'Sprooch; d'Sprooch am ‚Secondaire‘ wäit iwwer 7e a 8e eraus um Programm (wat giff de Cornel Meder schmunzen!); d'Land ‚voll‘ Lëtzebuergesch-Coursen; Lëtzebuer- gesch als Spezialfach op der Uni; eiser Sprooch an der Constitioun steet nä- ischt méi am Wee.

**Mir haten Dreem; si guffe lieweg; mir sti ‚Fouss bei Mol‘ fir se um Wibbelen ze halen!**

## Eng Iddi wéi eng aner, oder?

Ganz (zevill) dacks kréie mir vun intresséierte Leit ze héieren, si giffen dëst oder dat Buch op Lëtzebuergesch net fannen, oder et wier net ‚op Lager‘. An dat net nëmmen a klenge Bicherbutteker. Wat wier dann do vläicht ze maachen? Äis ass zwar bewosst, datt et hei am Land **fir jidfer Libraire en décke Problem ass, fir Bicher an op d'mannst 4 Sproochen an de Stellagen ze hunn.** Et gëtt (deer ‚Grousser‘) Haiser, déi dës verschidde Sproochen an de Stellagen aus- erneen halen... ower dës Situatioun fannt dir bal néierens op der ganzer Welt (scho beduecht?).

Wat eis Sprooch ugeet – an deer et ewell maandelweis Bicher a Litteratur gëtt – do kann een sech froen, firwat dësen oder deen net schonn op d'Iddi komm ass, e klengt Geschäft opzemaachen, an deem een alles fënnt, wat op Lët- zebuergesch ze kréien ass... dat ass jo souvill wéi nach ni! Hei wier et jo dann e ‚start-up‘ wéi en aneren! *Toute proportion gardée* 😊

## Fir op D/F ze iwwersetzen

Ech kann dee faule Bretzert net leiden.

Dat eent ass ellen an dat anert och gräisslech.

Si sinn och nach wéischt a gaschteg.

So dat net nach eng Kéier.

Dee Knaschert gëtt sech (fir d'Vrecken) net.

Hien hält sech dru wéi de Geck un de Bengel.

Ech si futti vun deem Gewudders.

Lo muss ech mech mol erblosen.

Elo ginn ech mech.

Jäiz net esou haard.

Klak deem emol eng Ferm.

Dat ass e geckege Stura.

De Jos ass e vermengten Dabo.

Den Heng ass e bretzegen Topert.

Dajee, komm mir huelen nach een.

Fuer méi lues a renn net sou séier

De Jang huet en opgelafent Gesiicht.

Maach elo virun an tommel dech.

Gëff mir nach e Wëppel Jelli.

Hal deng topeg Gladder zou!